1-2019-0-?-5702-01 (3132)

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Dépôt: Marc Goergen
Interpellatioun iwwert d'Aarmut an den Aarmutsrisiko zu Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 4te Februar 2020

5

# Motioun

**D'Deputéiertechamber stellt fest:**

- All Mënsch huet d'Recht op eng sécher Existenz a gesellschaftlech Participatioun. Ee Mënsch kann nëmmen a Würd liewen, wa fir seng Grondbedierfnisser gesuergt an him eng gesellschaftlech Participatioun méiglech ass. An eiser Geldwirtschaft ass dozou en Akommes noutwenneg ;

- Wann een Akommes nëmmen duerch Aarbecht erzielt ka ginn, muss zur Sécherung vun der Würd vun alle Mënschen Vollbeschäftegung herrschen. Ënnert dëser Viraussetzung ass d'Vollbeschäftegung ee grousst Zil vun der Wirtschaftspolitik, mee mir kënnen net alleng drop setzen, datt eng staark Ekonomie schonns iergendwéi fir Vollbeschäftegung suerge wäert ;

- D'Nofro no Aarbecht gëtt op laang Siicht méi kleng. Duerch d'Automatiséierung an d'Optimiséierung verschwannen ëmmer méi Aarbechtsplazen an ëmmer méi Aarbecht gëtt vu Maschinne gemaach. Dëst bedeit, datt ëmmer manner Mënsche kennen eng 40-Stonne-Woch leeschten. Als Konsequenz musse mir mat engem méi héijen Aarbechtslosentaux oder mat méi kuerzen Aarbechtswochen eens ginn. Mir brauchen dofir nei Léisungen, déi der steigender Automatiséierung an dem technesche Fortschrëtt gerecht ginn ;

- Donieft detachéiert sech d'kulturell Produktioun vum Marché. Ëmmer méi kulturell wichteg Produiten, wéi z.B. d'online Enzyklopedie Wikipedia oder Open Source Projete wéi de Betribssystem Linux baséieren op fräiwëlleger Aarbecht vun dausende vu Contributeuren. Dëst ass en Trend, dee weist, datt vill Mënschen de Wonsch hunn, sech onofhängeg vun enger klassescher bezuelter Aarbecht ze betätegen. Hiren Engagement musse mir begleeden an esou dofir suergen, datt keen an d'Aarmut rutscht, obwuel en allgemeng wäertvoll Aarbecht leescht;

- Eng sécher Existenz schaaft Fräiraum fir selbstbestëmmten Educatioun a Fuerschung souwéi ekonomesch Innovatioun. Se erliichtert an erméiglecht éierenamtlech Engagement, beispillsweis d'Fleeg vun eelere Persounen, d'Erzéiung vu Kanner, onofhängege Journalismus, politesch Aktivitéit oder d'Schafe vu Konscht a fräier Software. Heivunner profitéiert di ganz Gesellschaft.

**<u>Aus dëse Grënn invitéiert d'Deputéiertechamber d'Regierung</u>**

1. Dass si vun 2021 bis 2024 een Test fir ee bedéngungsloost Grondakommes zu Lëtzebuerg an d'Weeër realiséiert. Bei der Vergab vum Test-Grondakommes solle virun allem méi struktur– an akommesschwaach Gemengen an Haushälter prioriséiert ginn.

2. D'Experiment duerch eng interdisziplinär Ekipp vu Wëssenschaftler onofhängeg begleeden ze loossen. De genéeë Montant an d'Gréisst vun der Test-Grupp vum Test-Grondakommes solle vum Conseil Economique et Social berechent ginn an un d'Käschte vun de jeeweileger Gemeng ugepasst ginn.

3. Bis 2024 ee järlechen Tëscherapport iwwert d'Entwécklung vum Experiment ze maachen an 2024 eng Impaktstudie virzeleeën.

Marc Goergen